



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6697 vum 23. August 2022 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Diane Adehm an vun der honorabeler Deputéiert Madamm Martine Hansen.

Envisagéiert d'Regierung nient den Maternitéen och Gebuertshaiser zouzeloossen, fir dat d'Fraen, déi dat wëllen, do kënnen accouchéieren?

Zur Zäit sinn déi zoustänneg Servicer vum Gesondheetsministère a vun der Gesondheetsdirektioun dobäi eng Analyse iwwer eng eventuell Aféierung vun Gebuertshaiser ze féieren. Op Basis vun engem kompletten Dossier, notamment iwwer d'Critèren déi en Gebuertshaus misst erfëllen, wäert eng Décisioun geholl ginn ob et zur Créatioun vun Gebuertshaiser kënn oder net. Et sief bemierkt dat en adäquaten legale Kader misst geschaf ginn fir dat en Geburtshaus iwwerhaupt kann funktionéieren.

Wa jo, wat fir Bedingungen muss esou e Gebuertshaus erfëllen?

Am Verglach mat schonn bestehenden ähnlechen Strukturen an Europa, misst en Gebuertshaus zu Lëtzebuerg folgend Critèren erfëllen:

- Vun engem etabléierte Kader profitéieren (legal Basis, Krittäre);
- D'Recommandatiounen vun der klinischer Praktik mussen fir Lëtzebuerg däitlech etabléiert ginn¹. Des Recommendatiounen mussen mat all den concernéierten Professioneller (Dokteren, Hiefammen, Conseil Scientifique...) ausgeschafft ginn;
- D'Formatioun vun den Professionellen muss d'Qualitéit an d'Sécherheet vun der Fleeg an dëser spezifescher Aart vun Organisatioun garantéieren². Well Komplikatiounen souwuel fir d'Mamm wéi och fir d'Kand ëmmer méiglech sinn, och wann d'Schwangerschaft an d'Gebuert als physiologesch klasséiert ass, muss d'Kontinuitéit vun der Fleeg garantéiert kënnen ginn an hir Modalitéiten mussen am Viraus a Koordinatioun mat de Spideeler a mat Ofstëmmung vun den Gynekologen-Obstetiker, Anesthesiste-Reanimateure a Pédiatere genau festgeluecht ginn.
- Et wier och ze préiwen, ob des Aart vun Exercice innerhalb sou enger Struktur duerch eng Assurance "responsabilité civile professionnelle" ofgedeckt ass.

Wa jo, gesäit d'Regierung e Qualitätsmanagement fir Gebuertshaiser vir, esou wéi dat och an Däitschland de Fall ass?

Falls sech esou Strukturen zu Lëtzebuerg entwéckele sollen, ass en Qualitätsmanagement erfuerderlech fir d'Risiken am Zesummenhang mat der Gesondheetsfleeg ze verhënneren, d'Sécherheet vun den Patienten ze garantéieren an all Chanceverloscht fir di betreit Patienten ze vermeiden. Déi praktesch

¹ Beispill: "Recommandation de Bonne Pratique: Accouchement normal: accompagnement de la physiologie et interventions médicales" HAS, décembre 2017 [Haute Autorité de santé \(has-sante.fr\)](https://www.has-sante.fr/)

² <https://www.midwiferyunitnetwork.org/wp-content/uploads/2020/08/Article-The-development-of-midwifery-unit-standards-for-Europe-2020-Rayment-et-al..pdf>



Modalitéite fir den Qualitätsmanagement mussen am Virfeld vun enger eventueller Ariichtung vun engem Gebuertshaus definéiert ginn.

Wa jo, ënnert wat fir engem Statut kéint esou e Gebuertshaus fonctionéieren?

Den Statut vun engem Gebuertshaus wäert ofhängeg gemaach ginn vun den Qualitäts- an Sécherheetskritèren déi sou en Haus erfëllen muss.

Envisagéiert d'Regierung, am Fall, wou esou Gebuertshaiser zougelooss ginn, an der CNS-Nomenclature Tariffer, déi och de Betribskäschten vun den Haiser Rechnung droen?

Den aktuelle legale Kader vun der sozialer Sécherheet erlaabt et net dat Infrastrukturkäschten iwwer d'Nomenclature finanziert ginn. Falls Geburtshäiser sollten e legale Kader kréien, misst de Finanzement iwwer aner Mechanismen assuréiert ginn, bzw am Kader vun den Iwwerleeungen fir e zukünftegen legale Kader mat berücksichtigte ginn (zB iwwer Forfaiten ausserhalb vun der Nomenclature oder der Enveloppe budgétaire globale).

Envisagéiert d'Regierung, am Fall, wou esou Gebuertshaiser zougelooss ginn, eng speziell Fortbildung fir d'Hiewanen, déi do aktiv sinn?

An der Belsch informéiert den Internetsite vum Beruffsverband vun den belschen Hiewamme iwwer den Ëmgang an d'Praxis vun Hausgebuerten³. Et gëtt eng Charta vum Beruffsverband vun den belschen Hiefamme fir Gebuerte vu fräiberuffleche Hiefammen, déi d'Organisatioun, d'Ausbildung an d'Kompetenzen virschreift, fir d'Betreiung vun Hausgebuerte ze garantéieren.

An Däitschland gëtt et en ähnleche funktionelle Kader.

Wa sech esou Strukturen zu Lëtzebuerg entwéckele sollen, muss d'Formatioun vun der Hiefamm d'Qualitéit an d'Sécherheet vun der Fleeg an esou enger Aart vun Organisatioun erméiglechen.

Eng Aktualiséierung vun den Attributiounen vun den Hiefammen, alignéiert un dat, wat bei eisen Nopeschlänner steet, gouf 2019 virgeholl (cf. RGD du 22 novembre 2019 déterminant le statut, les attributions et les règles de l'exercice de la profession de santé de sage-femme). Déi nei Attributiounen erfuerderen d'Afféierung vu Moduler fir d'Weiderbildung, fir dass d'Qualitéit vun der ugebuedener Fleeg ze garantéieren an déi nei Attributiounen ofzedecken.

Den Contenu vun dësen Formatiounen ass an Zesummenarbecht mat der Association Luxembourgeoise des Sages-Femmes (ALSF) ausgeschafft an vun der Société luxembourgeoise des gynécologues obstétriciens (SLGO) validéiert ginn. Déi éischt Formatiounen fänken Ufank November am Competence Center un.

³ <https://sage-femme.be/parents/lieux-de-naissance/a-domicile/>



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Envisagéiert d'Regierung, am Fall wou esou Gebuertshaiser zougelooss ginn, eng Erweiderung vun de Kompetenzen vun den Hiewanen?

Eng Ännerung vun den Attributioune vun den Hiefamme kann nëmmen als secondaire Mesure a Fro kommen, wann den Kontext dëst rechtfertegt an no enger Diskussioun mat all de potentiell bedeelegten Acteuren (Obstetriker, Pédiater, Urgentiste, Reanimateur, asw.)

Lëtzebuerg, den 28. September 2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert